GEMENG rouspert mompech

Chrëschtuucht 2020 Doheem

Samsdes, den 12. Dezember 2020

Grad an dësen Zäite wëlle mir kee vun eise Matmënsche vergiessen. Dowéinst organiséiert d'Gemeng Rouspert-Mompech, an Zesummenaarbecht mat der Sport- a Familljekommissioun, och dëst Joer nees déi traditionell Chrëschtuucht, allerdéngs ënnert enger anerer Form.

De Pitt vun Dickweiler verwinnt d'Leit och dëst Joer mat engem Menü, die si géinge moies tëschent 10:00 an 12:00 heem geliwwert kréien. Mir invitéieren all Awunnerinnen an Awunner iwwer 60 Joer, fir vun dëser Offer ze profitéieren.

Aus organisatoreschen Grënn ginn d'Umeldunge **bis de 4. Dezember** bei der Madamm Danka Klimek (730066-209) op der Gemeng ugeholl.
Mir behalen eis d'Recht vir, jee no deenen aktuelle Sécherheetsbestëmmungen, Ännerungen un der Organisatioun virzehuelen.

Mir wënschen Iech elo schonn e gemittlechen Nomëtteg, schéi Feierdeeg, all Guddes fir d'Joer 2021 a besonnesch eng ganz gutt Gesondheet.

De Schäffen- a Gemengerot
An Zesummenaarbecht mat der Sport- a Familljekommissioun